



Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg den 3. Abrëll 2019

Betreff : Formell Deklaratioun vun enger parlamentarescher Visitt mat enger Prise en Charge vun de Fraisen duerch eng auslännesch national Institutioun

Här President,

An Iwwerteneestëmmung mam Avis vum « Comité consultatif sur la conduite des Députés » vum 3. Abrëll 2017, betreffend eng Invitatioun fir eng Visitt vun Deputéierten am Taiwan an a Konformitéit mat eisem « Code de conduite », hale mir drop, Här President, de Büro vun der Chamber formell ze informéieren, datt den Deputéierte Sven Clement, eng Invitatioun vun den taiwaneschen Autoritéiten ugeholl huet, fir un enger Rees am Taiwan deel ze huelen. D'Rees gëtt organiséiert duerch den Intermediaire vum « Bureau de Representation de Taiwan/Taipei » zu Bréssel. D'Käschte vun der Rees, d'Ënnerbréngung an d'Verfleegung gi vun de genannten auslänneschen nationalen Autoritéiten iwwerholl. D'Visitt fënnt statt vum 14 bis den 19 Abrëll 2019 a mir hunn de provisoreschen offizielle Programm ugespéngelt.

Ech assuréierenlech, Här President, léif Membere vum Büro, mäin déifste Respekt.

Sven Clement

Porte parole PIRATEN